PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 31/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Finanzen weiderzeleeden.

Wéi aus engem Artikel um Site vum *100,7* vum 30.05.2022 ervir geet, soll e Mataarbechter vun der Firma *RSS-Hydro* gekënnegt kritt hunn, nodeems hien sech an de Medien ëffentlech a kritesch géint d'Regierungshandele wärend den Iwwerschwemmunge vum Juli 2021 geäussert hat. D'Këmnegung soll zustane komm sinn, well de Patron vun der Firma evitéiere wollt, ënnert politeschen Drock ze kommen a seng aner Mataarbechter do virdrunner schütze wollt.

Besonnesch fragil vis-à-vis vu politeschem Drock sinn Entreprisen dann, wann se kontraktuell Relatioune mat Ministèren ënnerhalen an eventuell fäerte mussen, dass hier Geschäftsbezéiungen net weidergefouert wäerte gi bei vun der politescher Linn ofwäichendem Verhalen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Ministèren ënnerhale Geschäftsbezéiunge mat *RSS-Hydro* (oder hunn an der Vergaangenheet Geschäftsbezéiungen ënnerhalen)?
   Falls et Kontrakter gëtt/gouf: Wéi vill Suen huet de Staat fir Prestatioune schonn un *RSS-Hydro* bezuelt a wéi e Montant steet nach aus duerch eventuell nach lafend Kontrakter?

2. Huet *RSS-Hydro* staatlech Subsiden, Primmen oder Aiden erhalen oder lafen aktuell Demandë vun *RSS-Hydro* fir staatlech Subsiden, Primmen oder Aiden?
   Falls jo: Ëm wéi eng Subsiden, Primmen oder Aiden an em wéi eng Montanten handelt et sech?

3. Huet de Staat Kontakter mat internationalen Organisatioune vermëttelt oder facilitéiert fir *RSS-Hydro*?
   Falls jo: Wei eng?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député